Summerschool 2024
How to...? & Frequently Asked Questions

Wéi kann ech mech umellen, fir an der Summerschool ze schaffen?
Andeems du de Link hei ënnen drënner opméchs an de Formulaire ausfëlls.
Opgepasst, du muss all déi néideg Dokumenter prett hunn, fir de Formulaire duerno kënne fortzeschécken.

http://www.edulink.lu/9d8k

Wéi eng Dokumenter muss ech onbedéngt bei meng Demande derbäi leeën?
Du brauchs 6 Dokumenter:

- Eng lettre de motivation an en CV
- E PDF vun déngem Premièresdiplom
- Extraiten 3 + 5 vum Casier judiciaire (via myguichet.lu, datéiert op fréistens den 14/06/2024)
- E PDF vum RIB (relevé d'identité bancaire) vun dengem Konto
- Ee Certificat d'affiliation vun der CCSS (via myguichet.lu)
- Ee Certificat de scolarité (datéiert op fréistens den 19/04/2024)

Dës Dokumenter muss du prett hunn, wann s du de Formulaire fir déng Demande ausfëlls, well du muss se direkt all eroplueden (mat Ausnam vun dengem Diplom falls du aktuell grad op enger 1e bass).

Wéi froen ech een Extrait vum Casier judiciaire un?
Logg dech op myguichet.lu an, klick bei Mes Démarches > Nouvelle Démarche > Demande d'extrait de casier judiciaire pour personne physique. Do frees du dir dann den Extrait 3 a 5 un. Du kriss déi Extraiten gratis an an Zäit vun e puer Deeg heemgeschéckt.

Wéi froen ech ee RIB (relevé d'identité bancaire) bei menger Bank un?
Wann s du online banking hues, da kanns du deen um Computer generéieren an als PDF eroflueden. Du kanns awer och an eng Filial goe vun denger Bank an no engem RIB froen. Dee Moment muss du en awer scannen fir en herno am online Formulaire kënnen eropzelueden.

Wéi froen ech ee Certificat d'affiliation bei der CCSS un?
Géi op myguichet.lu. Logg dech an a klick dann op Mes données > Santé/Social > Centre Commun de la Sécurité Sociale > Certificat d'affiliation. Als Datum muss du den **01.01.2024** dohinner schreiwen! Well ee Student maximal 346 Stonnen am Joer dierf schaffe muss kontrolléiert ginn, ob s du mat dengem Engagement an der Summerschool dëse Seuil net iwwerschreits.

Wou froen ech ee Certificat de scolarité un?
An dengem Lycée oder op denger Uni oder Héichschoul. Et ass wichteg, dass är Scolaritéit fir d'Summersemester vun dësem Schouljoer certifiéiert gëtt, respektiv dass de Certificat net méi al ass wéi 4 Méint. Och dat hei Dokument brauchs du am PDF format.

Ech sinn nach Schüler am Lycée, dierf ech och an der Summerschool schaffen?
Neen. Fir dierfen an der Summerschool ze schaffen, muss ee mindestens eng 1e (classique oder générale) gepackt hunn.

Wéi al muss ech sinn, fir an der Summerschool dierfen ze schaffen?
Du muss 18 Joer kritt hunn virum Ufank vun der Summerschool, an du dierfs och dann net méi al sinn wéi 27 Joer (ausser du bass Enseignant).

Kann ech Course maachen, fir mech op d'Aarbecht an der Summerschool virzebereeden?
Jo, den IFEN bitt Videocoursen un, an zwar vum 19. August bis den 13. September. Soubal s du als Agent ugeholl bass, gëss du vum IFEN kontaktéiert a kriss een Zougangsschlëssel geschéckt. Opgepasst, du kriss fir des Coursen keng Attestatioun.

Wéi ass d'Summerschool organiséiert?
Et gëtt zwou verschidden Zorte Coursen: engersäits d'*Cours internes*, anerersäits d'*Cours régionaux*. D'Cours internes gëtt et an all Lycée, an zwar fir d'Fächer Däitsch, Franséisch, Mathé an Englesch. D'Cours régionaux ginn a 5 Lycéeën uechtert d'Land gehal (LCD, MLG, LAML, LAM, LGE) an dat fir all déi aner Fächer (zB Chimie, Physique, Sciences économiques etc). Wann s du also méi wéi ee Fach wëlls ënnerriichten, da kann et sinn, dass du an zwee verschidde Gebaier schaffs.

Wéi vill Stonnen dierf ech an der Summerschool schaffen?
Pro Woch dierfs du minimal 10 Stonnen (50%) a maximal 20 Stonnen (100%) schaffen. Am Laf vun deenen 2 Wochen dierfs du also maximal 40 Stonne schaffen. Du lees d'Unzuel vu Stonnen, déi s du an der Summerschool schaffs, mat der Direktioun vum Gebai fest. An dengem Kontrakt ass genee festgeluecht, wéi vill Stonnen dass du schaffs. Sollts du net op de Minimum vun 10 Stonnen d'Woch Appui kommen, da gëtt d'Direktioun vum Gebai dir eng aner Aufgab.

Dierf ech méi Stonne schaffen wéi déi Unzuel, déi a mengem Kontrakt steet?
Nee. Et ass net erlaabt, engem Student säi Kontrakt nodréiglech ze änneren. Wann s du also méi Stonne schaffs wéi déi, déi an dengem Kontrakt stinn, da ginn déi net bezuelt.

Wou kann ech mech mellen, wann ech trotzdeem nach Froen hunn?
Schreif eng Mail mat dengem Numm an denger Telefonsnummer op summerschool.es@men.lu.